



N°5814
Reçue le 24.02.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 24.02.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/02/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Bannenzeg Sécherheet, Justiz & Finanzen weiderzeleeden.

An der parlamentarescher Fro Nummer 5082 hunn d'Justizministeschen an de Finanzminister erkläert, dass d'« Section Nouvelles Technologies » bei der Police schonn iwwert eeg Wallets verfüegt, an deene Kryptowärungen gespäichert kënnen ginn, déi beschlagnaamt goufen. Wann Kryptowärungen esou beschlagnaamt an aus dem Verkéier gezu goufen, stellt sech d'Fro, wat mat de sougenannten "Coins" an de Wallets vun der Police geschitt, a wéi virgaange gëtt, falls d'Coins no opgeschlossener Prozedur bei der Justiz erëm un hire Besëtzer missten zeréck iwwerwise ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Iwwer wéi vill Wallets verfüegt de Lëtzebuerger Staat am Moment?
2. Wat fir Prozedur ginn duerchlaf am Fall, wou d'Kryptowärungen, déi an dës Wallets gespäichert sinn, sollen a Fiatgeld ëmgewandelt ginn?
3. Ginn et Fäll, wou beschlagnaamte Kryptowärungen vun Drëtten a Fiatgeld ëmgewandelt ginn? Wa jo, wat geschitt am Fall, wou duerch d'Ëmwandele vun der Kryptowärung op zum Beispill den Euro oder Dollar ee Benefice gemaach gëtt? Erhält de Besëtzer dann dës Benefice?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député



www.piraten.lu